


Dëst Joer huet den Jores Ofschloss vum Flyfishing Club Lëtzebuerg eis op Sommedieue bei Verdun gefouert wou mir een formidabelen Dag mat villen schéinen Fësch konnten verbréngen. Een kléngen Liichtbléck an dëser onsécherer Zäit, huet et dach eis fir een Dag erëm wëssen gelooss wat mir déi ganzen Zäit verpasst hunn wou eis Sortien net konnten stattfannen. Et haten dann och vill Memberen sech afonnt woubäi et ganz erfreelech war dass déi jonk Generatioun och ëmmer méi Freed fënnt un eiser Passioun dat mécht eis dach Hoffnung dass mir eist Veräinsliewen och kënnen un Sie weiderginn. Sommedieue ass och ëmmer erëm een vun den Héichpunkten an eisem Joresprogramm an och op dëser Plaz huet et sech erwisen dass et vun Virdeel ass wann mir fir eis Sortien d´Weieren lounen an esou kënnen ongestéiert ee schéinen Dag an beschter Komerodschaft verbréngen. Schonn ewéi ech mech op den Tour iwwert den Site gemaach hunn fir eis Memberen ze begréissen wousst ech direkt den Misch ass schonn do, et huet een Hien héieren, mee wat war dat doten dann do huet jo nach Een méi haart gejaut ewéi den Misch, do wousst ech den Eric ass och schonn do........ mee Sie kënnen net nëmmen jäizen mee sinn och alle Béid excellent Fëscher wat Sie eis och Haut erëm bewisen hunn. Ganz sympathesch war och dass den Eric sech Verstäerkung matbruecht hat, et war schéin ze gesinn mat ewéi vill Begeeschterung säin Junior bei der Saach war.










Mir haten et nawell fir een Dezember Dag gutt mam Wieder erwëscht, hat et den Dag éiert mir gefuer sinn nach an Lëtzebuerg geschneit sou haten mir Haut de ganzen Dag iwwer plus Graden an Mëttes ass ze guer d´Sonn luussen komm. Natierlech hätten mir och Näischt dergéint gehat wann ee bëssen Schnéi geleeën hätt mee dann wär eis Urees méi beschwéierlech gewiescht. Ewéi ech op mengem Tour beim Dan ukomm war huet Hien schonn ee schéinen Fësch gedrillt, et konnt een mengen Hien hätt just op mech gewaart an natierlech hunn ech dunn direkt ee puer Fotoen vun Him an voller Aktioun gemaach. Ech nerven meng Kolleegen domadder meeschtens mee dat ass dach och eng schéin Erënnerung déi muss dokumentéiert ginn.









De Patrick huet de ganzen Zäiten Nymphe a vue geféscht, woufir Sommedieue bekannt ass duerch säin kristall kloert Waasser, an konnt mat sengen kléngen Mécken ganz vill Fësch iwwerlëschten. De Jeannot hat ee schéinen Saibling gefaangen woubäi ee soen muss dass mir dernieft och schéin Reebou Forellen konnten fänken an ze guer déi eng oder aner Baach Forell war och dobäi. Schéin war natierlech och ze gesinn dass Papp a Jong zesummen ugetrueden sinn esou hat esouwuel den Guy ewéi och den Patrick Verstäerkung kritt andeems hier Jongen matkomm waren.






Den Dario hat dann och direkt eisen neien Member den Max matbruecht an Sie hunn alle Béid schonn vill Geschéck un den Dag geluecht an konnt een Hinne d´Freed un eisem Hobby ofgesinn. Nach eng Kéier mir sinn frou wann och erëm déi jonk Leit Freed un eiser Passioun fannen. Alleguerten waren se mat vill Freed bei der Saach an et konnt een eng gewëssen Erliichterung bei eisen Memberen

verspieren, konnten mir dach och an den leschten Joren eisen Programm net duerch zéien esou ewéi mir et gewinnt waren an ech muss soen mir hunn eis Sortien gefeelt, mee fir d´nächst Joer probéieren mir erëm een gutt geféllten Joresprogramm op d´Been ze stellen.










Do feelt dach nach eppes ........ah jo, ewéi frou waren mir dach ewéi Abee mol d´Klack gelaut huet dat heescht nämlech dass d´Iessen fäerdeg ass an dorop hunn mir eis dach och déi ganzen Zäit gefreet ewell zum Fëschen gehéiert bei eis och een gemittlecht Iessen an ee gudden Patt dozou an ech kann Iech soen iwwer Dësch war d´Stëmmung esou gutt ewéi ëmmer, et ass vill gelaacht an vill méi giess ginn, den Kach hat eis eng formidabel Fëschzopp als Entrée zerwéiert an dono ass et Wëld mat gebootschten Gromperen ginn fir ofschléissend nom Kéis och nach ee gutt stéck Stollen mat Schlagsan ze zerwéieren. Mee dat flottsten um Iessen war dass mir konnten ënnert eneen eist Fëscherlatäin austauschen an iwwer Dësch sinn mindestens grad esou vill Fësch gefaangen ginn ewéi Moies beim Waasser an Dës sinn am Laf vum Iessen och nach weider gewuess. Gutt gesiedegt hunn mir et dunn Mëttes erëm mat den Fësch opgeholl an och Mëttes sinn nach vill schéin Fësch gefaangen ginn esou dass mir op een wonnerbaren Ofschloss vun eisem Fëscher Joer zeréck blécken, och wann mir net vill Sortien dëst Joer ofhalen konnten sou waren dach déi puer déi stattfonnt hunn eng Beräicherung an d´Freed war all Kéiers immens grouss wann mir eis erëm gesinn hunn. Lo bleift nëmmen nach eisen Memberen schéin an besënnlech Feierdeeg ze wënschen an der Hoffnung dass dat neit Joer erëm méi Normalitéit mat sech bréngt.













